


03. Juni 2023 / 66

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

Ewéi schonns an der leschter Newsletter matgedeelt, hunn Leit vun der DPV, INFS-JP a JFA EXE sech zesummegesat fir a Saachen Kommunikatioun, Administrativ Weeër a Wäertschätzung besser ze schaffen. Bis den Hierscht wäerten mir dann probéieren, dass all Chef d'Unité – Moniteur Jeune Pompier déi selwecht Informatioun krit. Och wäert gekuckt ginn, dass alles wat den Jugendberäich betrëfft, méi einfach ze fannen ass.

Flott Aarbecht gëtt an dësem Grupp mat Ären Wënsch gemaach.

Merci un all Moniteur fir déi gutt Aarbecht a Saachen Ausbildung vun eisen Jugendpompjeeën, well dëst hunn mir och un de Resultater vun de Wëssenstester an de Regiounen gesinn.

Vill Moniteuren sinn elo schonns um plangen fir Camp'en. Hei sief nachmol dorun erënnert, dass de Congé Jeunesse muss iwwert den JFA ugefrot ginn a dëst op mannst 4 Wochen virum Camp, d.h. Formularen mussen 4 Wochen virun Camp beim SNJ sinn. Den Hermes Frank krit des Formularen a gëtt déi weider un den SNJ.

**Merci am Numm vum JFA!**

**Wëssenstester: Hei pur Daten fir an ären "Save the Date".**

| Datum | Zone | Wou | Auerzäit |
|---|---|---|---|
| 11.11.2023 (moies) | OSTEN | Consdorf | 09.00 |
| 18.11.2023 (moies) | ZENTRUM | Lintgen | |
| 18.11.2023 (mëttes) | SUDEN | SaDiff | 14:30 |
| ? | NORDEN | | |
| | | | |
| 09.12.2023 | No-Test | Lintgen | |


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068


SITE MOBILE
JUGENDPOMPJEEËN
Wolz
6.6.2023 /// Nomëttes
Wann Dir äert Kand
wëllt fir d'medezinesch
Ënnersichung umellen,
kennt Dir Iech an eisem
Sekretariat STP mellen
Tél.: +352 49771 2411
E-mail: dms-sante@cgdis.lu
Fir e medezinesche Rendez-vous am
STP ze plangen, rufft w.e.g. um
49771 2411 un,
Méindes-Freides vu
09.00-12.00 an 13.00-15.30 Auer.
Centre National d'Incendie et de Secours
3, boulevard de Kockelscheuer
L-1821 Luxembourg
@cgdislux
CGDIS




An dëser E-Mail fannt Dir déi nei Newsletter vum CGDIS.
Heimat wëlle mir Iech mat de neisten Informatiounen an engem klengen Iwwerbléck iwwert d'Aktivitéiten vum CGDIS op dem neiste Stand halen.

*De Link zu der Newsletter:* *https://gd.lu/bccBHb*

*De Link zu der Newsletter:* *https://gd.lu/34XwWB*

**INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)**

## De Wiessel vum Jugendpompjeeë an den operationelle Volet



Fir Weeër an Zäit vum Wiessel ze verkierzen kennen d'Jugendpompjeeën elo och un de Rekrutéierungsdeeg deelhuelen. Sou kënnen si de Sportstest, déi medezinesch Ënnersichung am STP, an d'Umoossen vun der Asazkleedung souwéi d'Aschreiwen fir hir Coursen (CIC, FIS 1 a SAP 1) an engem hallwen Dag ofzeschléissen. Dësen Dag kann och dovun profitéiert ginn fir nach weider Froen iwwer de Wiessel ze stellen.
D'Kleeder ginn an de jeeweilegen CIS geliwwert.

**➔ Opgepasst: Deelhuelen un der Journée de Recrutement réischt ab 15 Joer an 9 Méint**

### «Rekrutéierungsdeeg» 2023:

Donneschdes, 29. Juni (komplett)
Samschdes, 29. Juli (komplett)
Donneschdes, 31. August
Samschdes, 30. September
Donneschdes, 26. Oktober
Samschdes, 25. November
Donneschdes, 14. Dezember

D'Rekrutéierungsdeeg fannen ëmmer am Centre national d'Incendie et de Secours statt.

- **Umellen iwwer:**
  - **Mail: volontariat@cgdis.lu**
  - **Tel.: 49771-2332**

# Flott Aktiounen aus der Jugendaarbecht:

Centre d'Incendie et de Secours Bourscheid




E flotten Dag zu Bourschent um Schlass, wou Wieder awer net matgespillt huet.








**Jugendpompjeeën vum CIS Remich**
B2 - Dachstuhlbrand
woar d'Asazstēchwuert fir eis Jugendpompjeeën.



**CIS Bauschelt:**

Eng gelonge Feier fir den Ausbau vum Asazzenter zu Bauschelt mam neien LF2. Jugendpompjeeën haten sech e puer Iwweraschungen afale gelooss - kuckt Fotoen;-)







D'Mierscher Jugendpompjeeën hunn dem FC Marisca Miersch alles guddes fir den Fussball-Match gewënscht.



**Centre d'Incendie et de Secours Rambrouch** ist in **Fünfbrunnen**.

Jugendpompjeeë-News



Een Deel vun eisen grousse Jugendpompjeeën war, zesumme mat de Jugendpompjeeën aus dem CIS Mäerzeg, op de Mënscherechtswee zu Cinqfontaine. Hei kruten si op spilleresch an interessant Aart a Weis d'UN-Kannerrechter méi no bruecht.
Mir soen der Pédagogie Jeunes-Pompiers vum CGDIS - Corps grand-ducal d'incendie et de secours an dem SNJ Merci fir d'Organisatioun vun dësem Nomëtten.






**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen, da sot eis Bescheed.**